



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler** (DP).- Gott sei Dank hu se keng Better ofgebaut.

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Da géif ech och relevéieren, dass mer am EU-Verglach, dee reegelméisseg gemaach gëtt, dat ass vum Observatoire vun de Gesondheetssystemer ... Am Rapport vun 2019 figuréiert Lëtzebuerg am Peloton de tête vun deene Länner, wou d'Besoins médicaux non satisfaits extreem niddreg sinn. An ech mengen, dass dat grad eng Stärkt vun eisem System war, deen et erlaabt huet, viles opzefänken, deen et erlaabt huet ëmzebauen, an dee wierklech den Impakt vun dëser Kris fir dat Land, wou keen drop virbereet war ...

An ech géif dat gären ënnersträichen: Mir sinn net dat eenzegst Land, wat hei au dépourvu geholl ginn ass. Mir sinn all au dépourvu geholl ginn an Europa a mir hunn eis verhältnisméisseg gutt bis elo derduerchgeschloen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Asoufern kann ech nëmme soen, dass ech frou sinn, deen dote Gesondheetssystem à disposition gehat ze hunn, well dat ass sécher net mäi Meritt. Dat ass virdrun opgebaut ginn. An dat ass och en Deel vum Succès, jiddefalls vun där éischter Phas vun der Kris.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Dann, et ass geschwat ginn ... Bon, vun der Rhetorik, do sinn ech net ëmmer mat jiddwerengem op enger Linn. „Kollektiven Trauma“ ass fir mech e bëssen iwwerdramatiséiert. Ech mengen, dass mer mat engem bloen A dervukomm sinn, dass vill Leit Plomme gelooss hunn, mee e „kollektiven Trauma“, et ass och schonn emol viru Wochen eng kéier esou eng Krichsrhetorik gebraucht ginn, dat ass eppes, wat ech net wëllt benotzen, och aus Respekt virun de Leit, déi an nach vill schlëmmere Situatiounen weltwäit sinn.

Ech géif soen, de Stresstest - den Här Baum huet vum Stresstest geschwat -, deen hate mer sécherlech, en uerge Stresstest. An ech mengen, mir hunn dee bis elo eenegermoossen ouni ze vill Frontalschued iwwerstanen.

A jo, Covid, do sinn ech och ganz d'accord, dee kreéiert sécherlech verschäerft Inegalitéiten. Mee virun allem mécht en eppes: Et ass wéi eng Lupp oder eng Lëns, déi besteeënd Inegalitéiten einfach vill méi visibel mécht. Dat gesi mer. Och an anere Länner gëtt dat visibel. An dat soll eis eng Léier sinn.

Ech géif dofir och ofschléissend nach eng kéier begrëssen: Et ass ëmmer flott ze héieren, dass och aner Leit den Här Piketty liesen. Ech fannen, dat ass eng ganz pertinent Lektür zu dëser Zäit, déi ech jidwerengem nëmme kann empfeelen.

Ech géif lech Merci soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Gesondheetministesch Paulette Lenert. Dann nach Parole après ministre fir den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech muss lech soen, dass ech e bëssen enttäuscht sinn.

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech muss lech soen, dass ech e bësse vill enttäuscht sinn.

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, ech si ganz vill enttäuscht ...

► **Plusieurs voix.** - O!

(*Interruptions et hilarité*)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo.

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Well Der lech net kënnt entscheiden, wien Are Successeur soll sinn?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ... iwwert d'Äntwerten oder besser gesot iwwert d'Netäntwerten, déi den Här Staatsminister eis hei net ginn huet.

Fir d'éischt: Zu dem Theema iwwert den Artikel, dee gëschter an der „Welt“ stoung, huet den Här Staatsminister och zum Deel nëmme geäntwert, woubäi ee muss soen, datt, wann dat iwwer 30 Joer geet, dann ass dat eng Hypothék, wou ech net weess, ob scho jee-mools eng Regierung eng Hypothék iwwer 30

Joer mat iwwer 100 Milliounen, 113 Milliounen d'Joer, festgehalten huet.

Datt doriwwer e Parlament net am Viraus informéiert ginn ass, fannen ech, wéi ech dat virdru gesot hunn, e Skandal! Och wann dat iwwer 30 Joer de Fall ass. Heimadde ginn 30 Budgeten d'Joer mat 113 Milliounen hypothekéiert, déi mer am Abléck net hunn, déi mer am Abléck all Joers wäerte musse léine goen.

Et ass traureg, datt mer hu missen haut déi Debatt hunn, fir datt iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg iwwert dee gréissten Engagement, wat Lëtzebuerg eng kéier an där Hisiicht geholl huet, am Parlament geschwat gëtt.

Dann hat ech den Här Staatsminister gefrot, ob et d'Positioun vun der Regierung wier fir eng europäesch Steier op Plastik a Kerosinn. Den Här Staatsminister huet just geäntwert, wou se Problemer hätten a wou se net dermat averstane wieren. Kann ech doraus schlëssen, datt d'Regierung da mat deenen zwou Steieren, op Plastik a Kerosinn, averstanen ass? Well dat huet den Här Staatsminister net beäntwert. En huet just gesot, mat wéi enge se net averstane wieren oder mat wéi enge se Problemer hätten.

Dat heite gëtt op jidde Fall en Engagement, wat och déi zukünftge Generatiounen schwéier wäert hypothekéieren.

Iwwer eng Rei, wat net elo direkt Froe waren, wou ech mer awer erwaart hat, datt den Här Staatsminister géif drop äntweren, amplaz hei a priori en emotionalen Optrëtt ze maachen, an e méi e fundamenteierten Optrëtt gemaach hätt iwwer Sujeten. Zum Beispill d'Konsequenzen iwwert d'Finanzplaz: kee Wuert! D'Konsequenzen iwwert d'Aarbechtsplazen op der Finanzplaz: kee Wuert! D'Situatioun iwwert den Triple-A, wéi de Risiko ass, wéi se deen och de 4. Juli an der Tripartite beschwat hunn: kee Wuert! Iwwert d'Remboursementer vum Congé pour raisons familiales, ob d'Krankeess oder d'Gesondheetskeess déi Suen zrëckkritt huet: kee Wuert!

Iwwert d'Finanzsituatioun vum Mee, Juni kréie mer gesot: d'nächst Woch. Mee mir hate gefrot, fir se haut ze kréien! Mir hate gefrot, fir se virum Debat ze kréien. Mir hu se net virum Debat kritt, mir hu se net am Debat kritt. Elo kréie mer gesot: d'nächst Woch.

Dat beweist, wéi de Respekt vun der Regierung vis-à-vis vun dësem Parlament ass. An dat heiten ass eppes, wat mir ... Déi Sitzung hei, dat ass esou eppes wéi e Kreuzworträtsel. Mee datt mer eppes gesot kréie vun enger Regierung, ausser emotionalen Optrëtter ... Mir kréien näischt Konkreetes hei matgedeele.

Mee ech hu gefrot, ob vun der Regierung aus eng Circulaire erausgaangen ass fir de Budget vun 2021, wou drasteet, datt déi enzel Verwaltungen sech solle referéieren op d'Joer vun 2019: keng Äntwert! Ech hu gefrot, ob eng CO₂-Steier géif an dëser Legislaturperiod kommen: keng Äntwert!

Duerfir hunn ech mech gefrot, Här President, firwat datt de Staatsminister iwwerhaupt hei op d'Riednerpult komm ass, wann en op keng Froen äntwert. Deen emotionalen Optrëtt, deen en elo scho fir déi x-te kéier hei gemaach huet, deen hätte mer eis kënnen erspueren. Dee kennt all Kand a virun allem all Bomi am Land scho laang auswenneg.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gibéryen. Dann och nach Parole après ministre fir den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Jo, merci, Här President. Ech hat a menger Interventioun och eng Fro gestallt, déi relativ konkret war. An de Premier huet probéiert, drop ze äntweren, mee ech sinn awer elo nach net méi schlau wéi virdrun. Duerfir stellen ech d'Fro nach eng kéier.

Dir hutt gëschter gesot am Kontext vum Kollateralschued vum Confinement, an ech zitieren: „Mir si mat Zuelen a Statistike konfrontéiert, déi eppes aussoen iwwert d'Violence domestique an de Mëssbrauch vu Kanner.“

D'Fro ass ganz einfach: Gëtt et déi Zuelen a Statistiken? Wa jo, da géif ech se gär gesinn. Oder gëtt et se net? Da weess ech eeben, datt et se net ginn a wat de Saz geheescht huet.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV).- Ech hat der Madamm Tanson déi nämmlecht Fro gestallt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Baum. Da ginn ech d'Wuert zrëck un de Premier- a Staatsminister.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech hu kloer gesot, dass mer duerch déi Echanges, déi mer kritt hunn, gesot kritt hu vun deene Leit, déi um Terrain schafen, dass d'Zuelen an d'Luucht gaang wieren, dass elo och eebe wéinst deene ganze Kontrollen, déi net méiglech wieren, et schwéier wier,

fir elo kënne schwaarz op wäiss Zuelen ze hunn, mee dass et eng Tatsaach wier, dass d'Zuelen eropgaange sinn. An dat fir dat eent esou wéi fir dat anert.

Wéi gesot, do gëtt et keng Statistik vum Stateg. An dat, wat am schrecklechsten ass an deem Ganzen, ass, dass déi schwaarz Zuel och an deenen dote Fäll meeschtens eng schwaarz bleift. An dat rassuréiert mech net.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Staatsminister. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Motions

Mir kommen dann elo zur Diskussioun respektiv zum Ofstëmme vun de Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vun der Madamm Hansen deposéiert ginn ass iwwert d'Modellisatiounen. D'Madamm Hansen kritt d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo. Merci, Här President. Ech muss definitiv soen, datt ech och enttäuscht sinn. Also, et mécht mer u sech definitiv näischt aus, wann ee mech als Digital Idiot oder esou eppes bezeechent, mee ech muss lech awer soen: Wéi mir déi Modelliséierung gefrot hunn, dunn hu mer se iergendwann eng kéier gemailt kritt. An dunn hate mer an enger Question parlementaire ee Link. Dee Link, dee war, fir op ee Site ze goen, deen net effentlech war. An och duerno hu mer se gesicht um Internet. Mir hu se net fonnt.

Ech muss dann och soen, ech si vun engem ganze Koup Schoulen, Direktiounen, Proffgewerkschafte gefrot ginn, déi hu se och net fonnt. Déi sinn also gradesou Digital Idiots wéi mir. Ech hunn hinnen dunn den interne Link viruginn, dunn hu si se fonnt. Mëttlerweil sti se op deem Site. Mee vu datt mir jo awer als Chamber hei keng Anung hunn, wat Dir wëllt modelliséiere loosse, da kënne mir jo zwar all Dag zu all Moment op iergendee Site goen. Mir wëssen och nach net, op wéi ee Site, mee da kënne mer se net fannen.

An ech fannen net, datt et eis Aarbecht ass, ouni ze wëssen, wat d'Regierung an Optrag gëtt, datt mir wierklech da mussen Dag an Nuecht sichen, fir iergendeppes ze fannen.

Hei an dëser Motioun hu mir als CSV zwou Saache gefrot.

Déi eng Saach: Dir loosst Modelliséierung maachen. Dir kritt Modelliséierungen. Dann hätte mir déi als Chamber gären zur selwechter Zäit.

An déi zweet Saach, déi mer gefrot hunn, dat huet u sech näischt domadder ze din, ob mir dat elo fannen oder net fannen, well mer wëssen net, ob Der deen Optrag ginn hutt: Mir hu gefrot, datt Der sollt en Optrag ginn, fir eeben eng Modelliséierung ze maache mat deene Mesuren, wéi se am Covidgesetz sinn, déi mer och diskutéiert haten. Zum Beispill d'ganz Federatiounen maachen op, dee ganze Sport fänkt erëm u mat lafen, datt dat soll modelliséiert ginn a simuliert ginn: Wat sinn d'Konsequenzen dovunner?

Also, mir hunn zwou Saache gefrot: Déi Modelliséierung, déi Dir kritt, déi hätte mer gären zum selwechten Zäitpunkt. An zweetens hätte mer gären, datt Der en Optrag macht, fir eeben eng Simulatioun vun de Konsequenzen ze maache vun deem Covidgesetz, wéi et elo um Dësch läit.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Hansen. Wëllt nach een d'Wuert ergräfen zu där Motioun? D'Madamm Ministesch.

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- Jo, ech wollt just preziséieren, dass mer bei deene Projeten, déi mer eraginn hunn, méifach drop higewisen hunn, dass d'Regierung sech op déi Modellisatiounen ...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hunn nach eng Fro.

► **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé*.- ... vum 15. Mee baséiert huet an dass mer eréischt neier gefrot hunn, nodeems eng Zousazännerung komm ass. An déi vum 15. Mee hat ech lech och deemools gesot, wou ee se fënn. Bon, vläicht ass dat net ergonomesch. Ech hu se de Moien hei gesicht no Arer Ried a mer se erausgeschriwwen. Also esou schwéier si se elo net fannen. Mee mir wäerten eis gären engagéieren. Ech schécken lech dat direkt weider. Wann ech dat hu moies, kritt Der dat weider vu mir an Zukunft.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Ministesch. D'Madamm Hansen nach eng kéier.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech wëll nach eng kéier soen, mir haten déi vum 15. Mee kritt. Mir haten eng gefrot, wou eng Mo-

tioun gestëmmt gi war. Déi Motioun war eestëmme gestëmmt ginn, a mir hu se kritt, wéi mer hei debattéiert hunn. Mir hätten déi gären éischer gehat.

An dunn, wéi mer se kritt hunn, dat war ee Link, wou et nach net effentlech war.

Den Här Minister Meisch huet den 19. eng Pressekonferenz gemaach. Déi Simulatioun ass datéiert op den 20., a mir krute se den 22. Wann ech dovunner ausginn, datt dem Här Minister Meisch seng Decisioun, fir d'Schoul opzemaachen, baséiert op eng Simulatioun, ma dann hat hie se schonn den 19., zwar scho virun der Publikatioun. Mee egal, dann hat hie se schonn den 19. An dann hätte mir se och gären zu deem Zäitpunkt, wéi d'Regierung se gären hätt.

An ech hunn awer nach eng Fro. Um RTL, an ech hat dat och a menger Ried gesot, ass gesot ginn, et wier eng Simulatioun gemaach ginn, wann d'Crèchë géifen opmaachen. Och déi Simulatioun, also et deet mer leed, ech hu se net fonnt! An och déi Simulatioun hu mer net. An och déi Simulatioun hätte mer gär.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Madamm Hansen.

Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen oder ass de Vote électronique gefrot?

Vote sur la motion 1

Wie mat der Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domadder eestëmmege ugeholl.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2 vun de Piraten, fir ënner anerem ee Screening vun de besteeënde Congéen ze maachen. Den Här Clement huet d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Ech wollt just nach eng kéier kuerz op d'Motioun agoen. Et ass esou, ech hunn et a menger Ried gesot, et gëtt am Moment eng Hellewull u Congéen, déi sech un déi aktiv Leit an der Zivilgesellschaft richten. Dat ass de Congé sportif, dat sinn d'Congée fir de Service de secours, fir d'Kooperatioun. Hei geet et wierklech drëm, fir emol eng kéier ze kucken: Wéi ginn déi benotzt? Wéi vill gi se benotzt? An ob et net Sënn géif maachen, se ze regroupéieren. Mee dat ass en Ergeebnis och vum Prozess, wou mer eeben net d'Donnéeën haut hunn. An et ass d'Zil, fir déi ze kréien, fir en Debat doriwwer ze lancéieren, wéi een dat méi einfach fir d'Leit ka maachen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement.

Den Här Georges Engel huet d'Wuert gefrot.

► **M. Georges Engel** (LSAP).- Merci, Här President. Ech fannen déi Motioun hei ganz interessant, och fir eng kéier en Iwwerschlag ze maache vun deem, wat et gëtt, fir, wéi et hei steet, e Screening ze maachen. Ech géif proposéieren, dat hei sollt an der Kommissioun eng kéier beschwat ginn, fir dass een do kann alleguer d'Donnéeën zesummesammelen, sech e ganz konkret Bild maachen an dann duerno nach eng kéier d'Suite vun där Motioun hei analyséieren. Ass dat okay?

Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Sidd Der mam Accord vum Auteur d'accord, fir déi do Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun an d'Kommissioun verwisen.

(*La motion n° 2 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale et à la Commission de la Fonction publique.*)

6. 7534 - Projet de loi portant prorogation de l'état de crise déclaré par le règlement grand-ducal du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre Covid-19 (suite)

Motions déposées le 21 mars 2020

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2 vun der ADR. Dat ass déi, wou et drëm geet, d'Landwirtschaft als zentraalt Element vun der Liebensmëttelversuergung besser ze fërderen.



Wie wëllt nach eppes zu där Motioun soen? D'Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Also mir kënnen u sech mat deenen éischten dräi Tirete vu „fuerdert d'Regierung op“ averstane sinn, well d'Bedeitung vun der Landwirtschaft ass immens wichteg fir eist Land an déi musse mer och stäerken a féerden an d'Regionalitéit ënnerstëtzen.

Mee dann déi Tireten duerno, wou mer soen, datt mer Reserven uleeë vu liewenswichtege Gidder am ganze Land; ech weess net genau, wéi mer déi solle berechnen a wéi vill Stocken datt mer do sollen uleeën. An ech weess och net, ob dat dat richtegt Zeechen ass, datt mer elo hei hamstere. An duerfir géife mer eis hei enthalen. Wéi gesot, bei deenen éischten dräi Punkte si mer averstanen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hansen. Den Här Georges Engel huet d'Wuert gefrot.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Jo, effektiv ass d'Landwirtschaft e ganz wichtege Sujet. Et ass jo och schonn e puermol hei ugeklongen an dësen Debatten, déi mer elo hei haten. Mee mat där heite Motioun kënnen mir net d'accord sinn. An de leschten Tiset schreift, ze präiwen, ob an op wéi eng Manéier d'Leit kënnen encouragéiert ginn, fir zum Beispill nom nom Schwäizer Virbild privat Stocke fir Krisensituatiounen unzeleeën an déi optimal ze geréieren. Ech stelle mer do déi schlemmsten Zenarioe vir, datt d'Leit elo an hire Gaart grouss Lächer gruwen, fir do hir Liewensmëttel ze stockéieren.

(Brouhaha)

An der Schwäiz huet och nach jiddwereen eng Waff doheem. Ech weess net, ob dat elo och nach gewollt ass. Nee, also ech mengen, dat do ass eng Motioun, déi kënnen mir net esou matdroen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engel.

Kënnen mer dann zum Vott elo vun där Motioun kommen?

► **Plusieurs voix.**- Nee, neel!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech ginn dovun aus, datt de Vote électronique gefrot ass. Den Här Kartheiser huet nach d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech soen lech Merci an och de Kollegeen, déi sech mat der Motioun auserneegeat hunn. Ech géif soen, fir et méi liicht ze maachen, fir se einfach unzuhuelen, géife mer déi dräi lescht Tireten dann zrëckzéien an a déi géife mer se an där amendéierter Form proposéieren.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser.

Ech ginn dovun aus, datt de Vote électronique nach ëmmer gefrot ass. Da kéime mer zum Vott vun där Motioun.

Vote sur la motion 2 modifiée

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

D'Motioun 2 modifiée ass bei 25 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëmmen an 1 Abstentiuon ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. David Wagner.

S'est abstenu : M. Marc Baum.

Motion 3

Da kéime mer zur Motioun Nummer 3. Dat ass déi Motioun, wou ënner anerem gefrot gëtt, fir ee gesécherter Stock vu Medikamenten ze garantéieren. Wie wëllt ee Wuert zu där Motioun soen? Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Déi Motioun hei, déi ass superfetatoire, well dat, wat hei gefrot gëtt, dat gëtt et. Et gëtt e gesécherter Stock, deen ass opgebaut ginn an deene leschte Méint, deen ass opgebaut gi mat Otemschtzmasken, mat Protektionskleeder, mat Desinfektionsmëttelen, mat Masken a mat allem, wat hei drasteet. Duerfir, déi heite Motioun ass superfetatoire.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engel. D'Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Also mir wäerten dës Motioun ënnerstëtzen, well mir haten och een nationale Versuerungsplang gefrot gehat. A mir hätten och do gären einfach kloer, wéi dee Versuerungsplang opgestallt ass an datt deen och net nëmme fir de Gesondheetssektor ass, mee och fir de Fleege-sektor, fir „Hëllef doheem“ an esou weider. Also stëmme mir déi hei mat.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen.

Ass nach eng Wuertmeldung do?

(Négation)

Da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 3

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass d'Motioun 3 bei 25 Jo-Stëmmen, 34 Nee-Stëmmen an 1 Abstentiuon ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Josée Lorsché), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

M. Marc Baum.

S'est abstenu : M. David Wagner.

Motion 4

Da kéime mer zur Motioun Nummer 4. Dat ass déi Motioun, wou Rapporten iwwert déi national Reserve vu Pétrolprodukte solle virge-

luecht ginn. Wie wëllt d'Wuert zu där Motioun ergräifen? Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. Bon, dat hei ass en Theema, dat war et jo och schonn heiansdo a Kommissioun vum der Chamber, nodeems jo och déi grouss Diskussioun iwwert déi Pétrolsreserve scho méi laang um Ordre du jour steet. Et ass eng Diskussioun, déi, mengen ech, ee sollt an engem méi rouege Kader nach eng Kéier féieren, nämlech an de Kommissiounen, do, wou se missten debattéiert ginn, fir dann ze kucken, ob déi Saachen, déi hei drastinn, och den Apport vun der Kommissioun an och do kéint alles mat a Consideratioun gezu ginn, fir sech e genau Bild hei ze maachen. An duerfir géife mir hei proposéieren, se an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Ass dat okay?

Den Här Kartheiser wénkt jo.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Kartheiser, wannechgelift.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech mengen, mir gi jo déi Motioun hei un, fir e konstruktiv Resultat ze hunn. An eise But ass jo, datt mer higin an eist Land esou opstellen, datt mer am Krisefall besser virbereet sinn. Dofir, wa mer dat an enger Kommissioun esou kënnen diskutéieren, fir herno op e konstruktiv a positiv Resultat ze kommen, da maache mer dat gär mat.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

Vote sur le renvoi de la motion 4 en commission

Wien ass d'accord mam Accord vum Auteur, dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen? Dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmme an d'Kommissioun verweisen.

(La motion n° 4 de M. Fernand Kartheiser est renvoyée à la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace et à la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire.)

7. Motion de M. Marc Spautz relative au rôle actif en faveur de l'analyse objective de la gestion internationale de la crise du coronavirus et du fondement des reproches adressés à l'OMS concernant sa gestion de crise

Da kéime mer zur Motioun, déi de Mëtteg vum Här Marc Spautz deponéiert ginn ass iwwert d'OMS. Wie wëllt dozou nach e Wuert soen? Den Här Mars Di Bartolomeo.

Discussion générale

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wäert och versichen, mech esou kuerz wéi méiglech ze faassen.

(Brouhaha)

► **Plusieurs voix.**- Oo!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech wëll just fir d'alleréisch dem Kolleg Marc Spautz Merci soen, fir d'Initiativ geholl ze hunn, fir déi Motioun iwwert d'Weltgesundheitsorganisatioun eranzebréngen, déi Roll, déi se allgemeng fir d'Vollekgesondheet spillt an insbesondere déi Roll während der Covidkris an déi Kriticken, déi geäussert gi si vis-à-vis vun der Krisegestioun vun der Weltgesundheitsorganisatioun an hirer Partialitéit vis-à-vis vun engem grouse Land.

► **Une voix.**- Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Di Bartolomeo, et ass un lech nach ëmmer.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, merci! Ech wäert dat och explizéieren. D'Europäesch Communautéit, déi e staarken Engagement an der OMS huet, huet bei der Joresversammlung vun der OMS eng Resolutioun abruucht, fir éischens d'Weltgesundheitsorganisatioun ze stützen, ze stäerken, awer gläichzäiteg ze hannerfroen, ob se an a während der Kris alles richteg gemaach huet an ob se outilléiert ass, fir esou eng Kris, wéi mer se erlieft hunn, esou gutt ewéi méiglech ze geréieren.

Mir wëssen et alleguer, wéi wichteg dass déi Weltgesundheitsorganisatioun ass an der Gestiou vun de Krisen, awer och am Opbau vu performante Gesondheetssystemer an deene Länner, wou d'Gesondheetssystemer entweder um Buedem leien oder et se iwwerhaapt net gëtt.

Dat heescht awer net, dass een déi Weltgesundheitsorganisatioun soll duerch de rosa Brëll

kucken. Insbesondere no deene ganz haarde Kriticken, déi komm si vu Länner, déi manifestement hir Kris net gutt geréiert hunn an dofir d'Weltgesundheitsorganisatioun un de Pranger gestallt hunn, gëllt et, objektiv Fakten ze schafen an ze kucken, wat un deene Kriticken drun ass a wat net un deene Kriticken drun ass, awer och ze kucken, wat fir eng Lektiounen dass mer aus der Gestiou vun dëser Kris duerch d'Weltgesundheitsorganisatioun kënnen zéien.

Ech mengen, et ass vun der Europäescher Gemeinschaft grad ewéi vun anere Länner drop insistéiert ginn, dass d'OMS viregt Krise ganz gutt geréiert huet. Ech ka selwer do e Liddchen dovun singen, wéi déi d'Tsunami-kris viru jett Jore gemanaged ginn ass. Ouni d'OMS wär dat e fierchterlechen Duerjernee ginn.

Mir wëssen och alleguer, dass haut kee Land méi esou Krisen, wéi mer se elo erlieft hunn, eleng ka geréieren an dass e Virus wéi deen, mat deem mer geplot sinn, keng Grenze kennt. Dofir, mengen ech, ass et wichteg, éischens e kloert Bekenntnis zur OMS ze maachen, och kloer Positioun ze bezéien zu där falscher Decisioun, déi haut, gëschter e grousst Land oder villméi de President vun engem ganz grouse Land geholl huet, fir sech aus där OMS erauszéien.

Bon, ze begrëissen ass, dass deen Zweeten, deen am Rennen ass, gesot huet, dass deen éischten Dag, wou e géif untrieden, en dat erm géif réckgäeng maachen. Dat bedeit éischens eng Schwächung vun der OMS. Et bedeit awer och eng Schwächung vun deem Land an der Bekämpfung vu Krise wéi där, déi mer erlieft hunn.

Dofir ware mer der Meenung, dass et wichteg ass fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat e ganz staarken Engagement an der OMS huet, dat och e ganze Koup vun der OMS erëmkritt huet doduerch, dass d'OMS e ganz staarken Partner ass an eiser Entwécklungszusammenaarbecht, wou ganz vill Projekte ronderëm d'Santé dréien, fir sech zu där OMS ze bekennen, kloerzestellen, dass déi OMS eng Politik vun der oppener Dier muss bedriewen a jiddwereen, dee wëllt an déi OMS erakommen, net virun där Dier därer stoe loossen als Beobachter oder als Vollmember. Dat huet sech an der Vergaangenheet bewäert, well och bei deenen, déi net Member sinn, sinn d'Problemer déi selwecht.

Mir invitéieren d'Regierung, an ech mengen, do stousse mer oppen Dieren an, fir déi Analys, déi elo gemaach gëtt bei der OMS, positiv ze begleeden, virun allem och sech ze engagéieren, fir déi Lektiounen, déi mer aus der jëtzege Kris zéien, an déi noutwendeg Reformen ze iwwersetzen, sech kloer zum Multilateralismus a Saachen effentlech Gesondheet um internationale Plang anzesetzen a sech derfir anzesetzen, dass d'OMS déi mënschlech a materiell Moyene kritt a behält, déi se brauch, fir esou Krisen effikass entgéintzewierken.

Ech hu vun der Regierung gesot kritt, dass si déi dote Motioun mat Freed unhëlt. An ech wëll de Kollegeen aus der Santéskommissioun, aus der Affaires-étrangères-Kommissioun, déi och zoustänneg ass fir de Volet Kooperatioun, an alle Kollegeen, déi mat ënnerzeechent hunn - all Fraktiounen, all Sensibilitäten droen déi Motioun mat -, en häerzlech Merci soe fir déi konstruktiv Approche an dat kloert Bekenntnis zu enger Weltgesundheitsorganisatioun, net ohne Wenn und Aber, mee op jidde Fall, wa mer déi Organisatioun net hätten, da misste mer se erfannen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Di Bartolomeo.

Wëllt nach een d'Wuert? Den Här Cruchten huet d'Wuert gefrot.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Ech maachen et wierklech ganz kuerz, well ech sinn och frou, wann deen Dag haut eriwuer ass. Ech wollt just soen, de Mëtten huet de Kolleg Marc Spautz deen Text hei deposéiert. A kuerz drop ass iwwert d'Noriichtenagence Reuters awer eng Nouvelle komm, déi deen Text hei direkt betrëfft, nämlech huet d'OMS haut de Mëtten decidéiert, fir e Comité indépendant d'experts ze beoptragen, hir Gestiou vun der Pandemie ze examinéieren. An ech fanne korrekttheethalber, wa mer dat elo ofstëmme, sollte mer dat och am Text erwänen.

Duerfir géif ech e kuerzen Amendement proposéieren, nämlech op där éischter Säit bäizeschreien: « La Chambre salue l'annonce de ce jour de la part de l'OMS de créer un comité indépendant d'experts pour examiner sa gestion de la pandémie due au nouveau coronavirus et la réponse des États membres. » Ech mengen, da wiere mer ganz korrekt.

Le saviez-VOUS ?

DOCUMENTS PARLEMENTAIRES

Les projets et propositions de loi ainsi que les avis et rapports y relatifs sont publiés comme documents parlementaires qui font l'objet d'une numérotation continue.